Wéi gesi mir d'Kand?

D'Art a Weis wéi mir d'Betreiung an d'Erzéiung gestalten hänkt vill dovun of wéi mir d'Kand gesin. Daat Bild waat mir an der non formaler Bildung vum Kand hun, baséiert op der Erkenntnis, datt d'Kand scho vill matt brengt op daat een opbaue kann a soll:

- d'Kand huet individuel Fähegkeeten an Interessen;
- huet den Drang an d'Potential sech weider ze entweckelen;
- ass fuerwëtzeg an u senger Emwelt interesséiert;
- huet d'Loscht a Fäegkeet ze léieren;
- ass sozial interesséiert a wëll matt Aaneren kommunikéieren an zesumme schaffen;
- wëll sech bedeelegen a mattgestalten.

An der wëssenschaftlecher Literatur gët vum „kompetente Kand" geschwaat.

Mir schwätze vu „staarke Kanner".

Mir gesin d'Kanner als glaichwaërtege Mattbierger. Si hun Usproch op Rechter, déi an der Kannerrechtskonventioun festgeluegt sin. Et ass dem edukative Personal seng Pflicht duefir ze suergen, datt de Kanner hir Rechter respektéiert gin. An der non formaler Bildung gëlt et zum Beispill d'Recht op Bildung matt dem Recht op Rouh, Fraizait a Spillen am Glaichgewiicht ze haalen.